



## **Positionspabeier**

Beschluss um Landeskongress 2012.1

Thema:

### ***Eng méi modern Parteifinanzéierung***

#### **Problematik**

Och wann dat aktuellt Gesetz zur Parteifinanzéierung zu Lëtzebuerg schonns aus dem 21. Jorhonnert kënnt an sech domadder u sech nach kee Stëbs ugesat sollt hunn, sou muss ee leider feststellen, dass et den Ufuerderungen un eng modern Parteifinanzéierung inklusiv der néideger Transparenz net (méi) gerecht gëtt. D'Gesetz gouf op Drock vun der OSZE erlooss an misst dringend konkretiséiert an iwwerschaaft ginn. Et enthält nëmme onzuräichend Ugaben iwwert d'Publikatiounspflicht an ass onfair géigeniwwer méi kleng Parteien. Ganz besonnesch ass et ee Problem, dass et zwee verschidde Gesetzer zur Finanzéierung vu politesche Parteien ginn.

#### **Prinzipie vun der Piratepartei**

D'Piratepartei ass eng oppe Partei déi de politesche Wettbewerb begréisst a mir sinn deemtspriechend der Meenung, dass de Staat all d'Parteien gläich behandelte sollt. Och sollte Parteien hirer an der Verfassung definéiert Roll gerecht ginn an zur politescher Wëllensbildung bäidroen, dës kann awer nëmme duerch ëmfaassend Transparenz gescheien.

#### **Fuerderungen**

D'Piratepartei fuerdert eng Moderniséierung vun der Parteifinanzéierung déi ënner anerem folgend Punkte berücksichtegt soll:

- Aféiere vun enger elektronischer Verëffentlechungspflicht fir all d'politesch Akteuren (souwuel Parteien wéi och Lobbygruppen), dës ëmfaasst:
  - All d'Recetten (Spenden, Memberscotisatiounen, ...)
  - All d'Depensen
- Parteifinanzéierung ab Areeche vun 0,5% vun de Stëmmen
- Aféiere vun enger eemoleger Ofschlagszuelung fir all zur Wahl zougeloosse Parteien an der Héicht vu 50.000 EUR (bezuelbar no der Wahl géint Rechnungsnouis)
- Kontroll vun de Parteifinanzieren duerch eng politesch onofhängeg Ariichtung
- Ariichte vun enger eenheetlecher Datebank déi all vun de Parteien verëffentlecht Donnéeën zesummefaasst an a maschinelliesbarem Format verëffentlecht



- Ariichte vun enger öffentlecher Datebank déi all d'Leeschtungen (barwert oder net), déi u politesch Gruppéierungen a Kandidate ginn, erfaasst